ALTERNATIV DEMOKRATESCH
REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 31. Mäerz 2022

Här President,

esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës **<u>dréngend</u>** parlamentaresch Fro un d'Häre Bausseminister a Logementsminister an un d'Madammen Integratiounsminister, Justizminister a Gesondheetsminister weiderzeleeden.

Mënschen, déi aus der Ukrain bei eis kommen, fir dem Krich mat Russland ze entgoen, kréien hei en temporäre Schutz. Bis dës Mënschen deen internationalen temporäre Schutzstatus zouerkannt kréien, kënnen e puer Woche vergoen, well eng ganz Rei vu Formalitéiten ze erfëlle sinn. Déi meescht vun dëse Leit hu keng eegen Adress a wunnen an de Structures d'accueil oder bei Privatleit.

Besonnesch d'Ënnerbréngung vu Flüchtlinge bei Privatleit ass dacks mat Problemer verbonnen: z.B. Kommunikatiouns- oder psychologesch Problemer. Et kënne geleeëntlech och Gesondheetsproblemer sinn, déi d'Cohabitatioun mat Flüchtlingen erschwéieren.

An deem Kontext hunn ech folgend Froen un d'Regierung:

1) Kann d'Regierung preziséieren, ob Locatairen, déi Flüchtlingen ophuelen, dëst ouni den Accord vum Proprietär maache kënnen? Wa jo, ënnert wéi enge Conditiounen? Kann de Proprietär d'Opnam vu Flüchtlingen duerch säi Locataire verbidden? Wa jo, aus wéi enge Grënn an ënner wéi engen Ëmstänn?
2) Wat geschitt, wann et zu Problemer komme sollt tëscht Privatleit, déi Flüchtlingen ophuelen, an hiren neie Matbewunner? Gëtt hei vum Staat Hëllef ugebueden?
3) Misst een net deene betraffene Leit ee „Service de médiation interculturelle" ubidden, deen a Fäll vu Konflikter tëscht Privatleit a Flüchtlinge vermëttelnd agräife kann?
4) Am Zesummenhank mat der Ënnerbréngung vu Flüchtlinge bei Privatleit kann et zu Situatioune kommen, wou all Form vu Mediatioun un hir Grenze stéisst a wou déi betraffe Privatleit hir gutt gemengt Aktioun no enger gewësser Zäit bedaueren. Ginn et gesetzlech Reegelungen, déi festleeën, ënner wéi enge Bedéngungen an no wéi enge Prozeduren dës Leit sech nees vun „hire" Flüchtlingen trenne kënnen? Wou ginn déi betraffe Flüchtlingen da logéiert?
5) Am Ablack versuerge Generaliste vun der „Maison médicale" am Val Fleuri ukrainesch Patienten, och wann déi nach keng Sozialversécherungsnummer hunn. An dréngenden Noutfäll gëllt dat och fir d'Noutopnam a Klinicken. Trotzdeem stellt sech d'Fro, ob Flüchtlingen aus der Ukrain, nodeems si zu Lëtzebuerg ukomm sinn, bis zu deem

Moment, wou si hiren offiziellen temporäre Schutzstatus zouerkannt kréien, Usproch hunn op d'Integralitéit vun de Gesondheetsleeschtungen, wéi se engem „regulären" Awunner vum Land zoustinn. Kann d'Madamm Gesondheetsminister preziséieren, ob dës Mënschen, déi hiren temporäre Schutzstatus nach net hunn, Zougank zu alle Gesondheetsleeschtunge vum Land hunn? Wann dat net de Fall ass: Ass dru geduecht, fir eng entspriechend Mesure an Zukunft anzeféieren?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser,
Deputéierten